ETZEBUERGER OLDTIMER FEDERATIOUN

FIVA – Fédération Internationale Véhicules Anciens

Autorité nationale FIVA

Wat, wéini?

Nom grousse Succès vun de leschte Joren organiséiert d'Lëtzebuerger Oldtimer Féderatioun asbl den 5. August , hiren 9 ten Oldtimer Tour fir den Télévie, dëst Joer nees am Kader vun de Lëtzebuerger Oldtimerdeeg den 5. an 6. August zu Stëngefort um Vintage Cars & Bikes. (www.vintage-steinfort.lu)

Wou ass den Depart, d'Arrivée? Wéi fuere mer?

Genee wéi déi viregt Joer gëtt et kee gemeinsamen Depart a mer fueren och net an engem risege Cortège. Dir kënnt fortfuere wou Dir wëllt, alleng oder an enger méi oder manner grousser Grupp. Dir sollt just verschidde Kontrollpunkten, déi mer Iech matdeelen an déi uechter d'Land verdeelt sinn, ufueren. D'Reiefolleg an där Dir dat maacht an d'Streck déi Dir wielt ass Iech selwer iwwerlooss. Déi verschidde Kontrollpunkten fonctionnéiere vun 10:00 un bis 16:00, a wann Dir bei hinne stoe bleift, kritt Dir e Stempel an Är Kontrollkaart. D'Arrivée allerdéngs, ass tëschent 15:00 an 17:00 zu Stengefort um Vintage Cars & Bikes.

Den Accès op den Site, mat der LOF-Télévie Rallyplaque, ass während deenen 2 Deeg garantéiert.

Wéivill kascht et?

Genee wéi bei de fréiere Versioune vum Oldtimertour froe mer en Don vun 10€ **pro Passagéier** fir den Télévie. Selbstverständlech däerft Der och méi spenden!

Wéi eng Gefierer därfe matfueren?

Et ass en Oldtimer Tour, mä selbstverständlech sinn och eis Youngtimer häerzlech wëllkomm. Motorieder, Autoen, Militärgefierer, Pompjeesween, Trakteren, Camionen, Camionnetten an aner Maschinnen, d'ganz Panoplie vun historesche Gefierer soll op d'Strooss!

Wéi mellen ech mech un?

Maacht einfach ären Don, fëllt den Aschreiwungsformulaire aus a schéckt en bis **spéidstents den 25.07.2017**, entweder un folgend Adresse: **Curt WAGNER 67A route de Mersch L-7432 Gosseldange** oder per Email op info@lof.lu .
Spéidstens 3 Deeg virum Tour kritt där eng Rallyplaque gechëckt.
De Formulaire ass op der Récksäit, an och op www.lof.lu fir eroofzelueden.

Wat muss ech matbréngen?

Eventuell eng Landkaart an, op jidde Fall vill gutt Laun!

BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

INSCRIPTION:

Nom et prénom: ……

Rue : …… **No:** …… **CP & Localité:** ……

Téléphone : …… **Fax :**……**Email :** ……

Affilié au club : ……

Marque du véhicule : …….. **Type :** ……

Année de première mise en circulation: ……

Nombre de passagers : ……

Court descriptif du véhicule :

……

……

……

……

J'ai transféré 10€ par passager au compte LOF-Télévie IBAN LU38 1111 2588 1418 0000
Aucune Inscription ne sera prise en compte sans virement préalable.
Prière de ne pas mettre l'argent en espèces avec votre inscription.
Il est bien entendu que je participe au « LOF Oldtimer Tour fir den Télévie » à mes propres risques et périls avec un véhicule immatriculé selon les lois en vigueur et je m'engage à respecter scrupuleusement le code de la route.
Le carnet de bord ainsi que la plaque de rallye me parviendront au plus tard 3 jours avant le départ, sous condition de réception de mon paiement.

Date: …… **Signature:** ……

BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Chauffage Sanitaire
Ets Boreiko & Cie S.à r.l.
La qualité depuis 40 ans